

[Reportagen - "The Voice of Germany"](#)

## De George Philippart am Eldo-Interview



© Eldoradio

### **"Ech duecht net, dass dat esou eng Message huet" - De George beweegt d'Leit net just mat senger Stëmm mee och mat senger Geschicht.**

"Eng Ronn weider", esou huet et fir de George Philippart viru kuerzem geheescht wéi e bei The Voice Of Germany opgetrueden ass. Ma de Museker stoung scho mol op där Bün, deemools awer nach als Sabrina. 5 Joer méi spéit, d'Still sinn nees ëmgedréint, ma dës Kéier ass de Sänger am richtege Kierper an d'Situatioun ass, esou änlech se wierkt, gefillsméisseg eng aner!

De George hat d'Gefill dës Kéier méi fräi ze sinn, dat well einfach vill aner Saachen, déi en deemools beschäftegt hunn, seng Gedanken elo net méi beherrschen. Hie fillt sech wuel a ka sech komplett op säin Optrëtt aloossen. Trotzdeem, oder grad dowéinst, war d'Nervositéit present. Ëmmerhin hat de George vir mat dem neien Optrëtt "seng al Opnamen ze revidéieren" a seng Stëmm ënner Beweis ze stellen. Dës huet sech duerch d'Hormontherapie nämlech, genee esou wéi de Recht vum Kierper, verännert. Hien ass quasi duerch de Stëmmbroch gaangen an huet misse léiere mat der "neier Stëmm" ëmzegen.

Genee dat war och d'Haaptaangschicht virun der Geschlechtsëmwandlung: Dat eenzegt, dat de George zu all Moment gären u sech hat, ob an engem Fraen- oder Männer-Kierper, war seng Stëmm. Ma de Museker hat eng gutt Basis an huet weider u senger Stëmm geschafft a säin Talent einfach nei entdeckt. D'Haaptzil vum 2. Casting bei "The Voice" war iwverdeems och net de Wonsch virunzekommen mee nei Erënnerungen ze kreéieren an iergendwann soen ze kënnen, "ech war bei The Voice als déi Persoun, déi ech elo sinn". Déi al Opnamen als Sabrina fille sech mëttlerweil friem un, wéi wann eng aner Persoun do gestanen hätt.

Am Endeffekt konnt hien esouwuel d'Persoun wéi och d'Stëmm iwverzeegen, net just bei de Leit virun der Tëlee mee och bei der Jury. Decidéiert huet de George sech am Endeffekt fir d'Stefanie Kloss an Yvonne Catterfeld well hir Songs am Beschte bei de Sänger passen. Him wär et immens wichteg Lidder

ze interpretéieren, mat deenen hie sech identifizéiere kann, a genee dat erhofft hie sech vum Coaching vun deenen zwou Musekerinnen.

Mat dem Catterfeld senge Wieder "mir hunn all eng Fra héieren, oder?" gouf de Grondsteen geluecht fir dem George seng Virgeschicht bei The Voice ze erzielen an déi interesséiert natierlech. Hie selwer wollt ufanks guer net onbedéngt dorop pochen, wär sech awer bewosst gewiescht, dass d'Thema Transgender géif opgegraff ginn an hat sech dorop gefaasst gemaach. Am Endeffekt hätt hien och esou vill positiv Noriichten dozou kritt a materlieft, dass en anere mat senger Geschicht an Oppenheet Courage gëtt, dass hien d'Behandele vun der Thematik als positiv empfënnt.

Zu gudder Lescht hat hien och eng ganz kloer Meenung dozou ob Leit, déi mam Gedanke spillen an eng Castingshow ze goen, dee Schrëtt wierklech solle woen: "Traut iech".